

Le Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) est en pleine croissance. Les projets sont nombreux et l'actualité autour des pompiers au Luxembourg mais également à l'étranger est bouillonnante. En voici un petit aperçu.



Actualités



Den neie Groupe d'intervention spécialisé GATO

CGDIS

De „Groupe d'Appui Technologique Opérationnel" (GATO) ass den 19. November 2020 duerch Beschluss vum Verwaltungsrot als 10. Groupe d'Intervention Spécialisé (GIS) vum CGDIS offiziell gegrënnt ginn.

Mat der Ëmwandlung an een offizielle GIS ass et ab elo méi einfach, dës spezifesch operationell Kapazitéit nach besser am Asaz ze integréieren an och nach weider ze developpéieren. Nieft dem Volet „Drone" sollen zukünftig och nach weider Kapazitéiten dobäi kommen. De GATO ass dofir an dräi verschidde Sektioneen agedeelt:

- Dronen („Unmanned Aerial Systems" UAS)
 - Roboter („Unmanned Ground Vehicles" UGV)
 - Operationell „Information Communication Technology" (ICT) mam Schwéierpunkt Kommunikatioun
- D'Aufgabe vum neie GIS bestinn allgemeng doranner, d'Asazleedung, de Centre de gestion des opérations (CGO) an déi aner Equippen um Terrain mat modernen technologesche Moyenen ze ënnerstëtzen. Haut ass dëst scho méiglech mat den Dronen, fir ënnert anerem Loftopname vum der Schadenslag, a Form vum héichopléi-

senden Opnamen a Video-Livestreams souwuel am normale Siichtberäich wéi och am Wärmebild (IR) ze produzéieren. Zäitno sollen och weider Moyenen am Beräich vum der Robotik an der Telekommunikatioun dobäi kommen.

Missiounen

- Am Règlement Opérationnel vum CGDIS ginn d'Missiounen vum dëser Sektioneen wéi follegt beschriwwen:
- le déploiement des systèmes aériens;
 - l'acquisition de vues aériennes;
 - la reconnaissance à distance;
 - la recherche d'objets et de personnes;
 - l'analyse des surfaces et de la topographie;
 - l'appui particulier lors de missions de type INCSA ou d'autres GIS.

Permanence - eng Sektioneen

De GATO huet eng Permanence fir kënnen jidderzäit eng séier Disponi-

bilitéit ze garantéieren. Um Niveau vum enger Sektioneen kënnen Loftopnamen erstellt gi fir d'Erkundung, awer och als Entscheedungshëllef fir taktesch Moossname méi effikass kënnen anzesetzen (z.B. Guidéiere vum Stral vum engem Läschmonitor). Dëst ka mat gläichzäitig e puer Dronen an iwwert ee längeren Zäitraum gemaach ginn.

Alerte Générale

De ganze Grupp ka mobiliséiert gi bei Groussasatz, esou wéi dëst zum Beispill beim Tornado 2019 de Fall war, fir groussflächeg Loftbiller vum den zerstörte Stroossen ze maachen.

Operationnelt Konzept

D'Alarméiere vum der Sektioneen „DRONE" geschitt entweder direkt duerch de CSU 112 opgrond vum der Asazmeldung oder opgrond vum enger Demande vum COS.

Bei enger Nofuerderung duerch de COS ass et wichteg, déi genau Missioun ze präziséieren, wiesou eng Drone gebraucht gëtt, souwéi déi genau Asazplaz wou d'Drone soll zum Asaz kommen. Esou kann de GATO sech schonn op der Ufaart op seng Missioun virbereeden an et gëtt wäertvoll Zäit op der Asazplaz gewonnen.

Bei Onkloerheeten oder Froen zu den Asazméiglechkeete kann de COS sech och mat engem Sektioneenschef vum GATO iwwert de CSU 112 verbanne loosse.

De Charroi an d'Material vum GATO ass aktuell op dräi Standuerten verdeelt a geet vum do aus an den Asaz:

- 1. CIS Luxembourg
- 2. CIS Berdorf
- 3. CSL Lintgen. ✖

